LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2088 vum 13. März 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Éducation financière de la population ».**

1. **Wéi wäert déi lëtzebuergesch Regierung sech un der EU-Wunnengsbauoffensiv bedeelegen?**

D'Efforte vun der EU-Kommissioun fir méi erschwéngleche Wunnraum konzentréieren sech am Moment engersäits ob erweidert Finanzéierungsméiglechkeete vun der Europäescher Investitiounsbank fir Wunnengsentwéckler an anerersäits ob eng Reform vun de Kohäsiounspoliticke fir mat de Gelder, déi an dëse Programmer virgesi sinn, méi einfach och erschwéngleche Wunnraum ze schafen. Dës Gelder sinn disponibel fir den Zäitraum 2021 – 2027 an zum groussen Deel schonn investéiert an déi divers Regionalprogrammer déi zu Lëtzebuerg iwwert de Feder kofinanzéiert ginn. D'Regierung wäert weiderhin all Méiglechkeet a Betruecht zéien, fir nach besser vun den europäesche Finanzéierungsméiglechkeete fir national Bauprojeten ze profitéieren.

2. **Wéi eng Projete goufen an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg am Wunnengsbau mat EU-Gelder realiséiert?**

Fir de Projet Kiem um Kierchbierg huet de Fonds du Logement tëscht 2017 an 2020 ronn 166.000,- € EU-Gelder iwwert den Interreg North-West Europe kritt.

Zu Diddeleng huet de Fonds du Logement fir de Projet Neischmelz am Joer 2015 an 2020 ronn 149.500,- € EU-Gelder am Kader vum Feder kritt, dat fir d'Validatioun vum Potentiel fir d'Géothermie profonde.

3. **Wéi eng Projeten sinn aktuell hei zu Lëtzebuerg a Planung oder a Realiséierung Wunnengsbau mat EU-Gelder?**

Aktuell si keng Projeten hei zu Lëtzebuerg a Planung oder a Realiséierung.

Lëtzebuerg, den 8. Mai 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch